



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliwwen an Accueil op d'parlamentaresch Fro n° 230 vum Här Deputéierte Ben Polidori.

1)

Déi éischt dräi Deeler vun der Etude sinn ofgeschloss. De Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliwwen an Accueil huet de Rapport kritt a hellt dësen als Basis fir d'Objektiver aus dem Koalitiounsaccord ze realiséieren an e perséinleche Budget fir eng Persoun mat Handicap auszeschaffen. Déi verschidden Etappen a Voleten si Bestanddeel vun enger eenzeger Etude. D'Etude ass net ganz ofgeschloss; d'Resultater wäerten all zesumme virgestallt ginn.

2)

Déi fäerdeg Etude an hier Conclusioun wäerten an der zoustänneger Chamberkommissioun virgestallt ginn. D'Resultater vun dëser Etude wäerten och dem breede Public zougänglech gemaach ginn.

3)

Esoubal dës Etude komplett ofgeschloss ass, wäert de Ministère Schlussfolgerungen doraus zéien.

4)

Fir déi concernéiert Residenten an hier Famillje bedeit dës Etude dat eng Analyse vun hirer Situatioun gemaach gëtt mam Objektiv hier Liewensqualitéit ze verbesseren. Am Kontext vun den Ufuerderunge vun der UNO-Konventioun iwwer d'Rechter vu Mënsche mat Behënnerung (CRDPH) geet et drëm, e neie Dispositif fir déi betraffe Léit ze schaafen, deen hinnen e méi onofhängegt, autonomt an inklusivt Liewen an der Gesellschaft soll erméiglechen. E perséinleche Budget an eng perséinlech Assistenz sinn Elementer fir méi Autonomie fir Leit mat enger Behënnerung; et geet och drëms d'Familljememberen déi vill Assistenz leeschte mat zousätzlechen Ressourcen ze hëllefen.

5)

D'Aarbecht vun de Gestionnairen vun deene Strukturen ass net impaktéiert, well et hei ëm déi betraffe Persounen geet (cf. Autonomie de vie).

Luxembourg, le 26.02.2024

Minister fir Famill, Solidaritéit,
Zesummeliwwen an Accueil

(s.) Max Hahn